

MATDEELUNG

D'Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl ass weider decidéiert a konsequent an hirem Kampf fir d'Erhale vun der Natura-2000 Zone a géint de Bau vum Contournement vu Käerjeng. Dofir maache mer weider Aktiounen fir d'Leit opzeklären a sammele Fongen fir a Recours ze goen géint dëse Stroossebauprojet. De Projet ass mat falsche Fakten duerch d'Chamber geboxt ginn.

Eng Pandemie déi op en ze schnellen an onkontrolléierte Wuesstem zréckzeféieren ass, deen als Konsequenz den Ofbau vun natierleche Liewensraim fir Mënsch an Déier huet, misst eis all opmierksam maachen. Déi katastrophen Zersiidlung vun eiser Landschaft geet och bei eis weider, a weider ginn och d'Atakkën op d'Biodiversitéit. Dëse Constat maache net mir eleng, ma dat sinn d'Fakten déi weltwäit vun Experten an internationalen a nationalen Observatoire festgehale ginn.

Wat hunn esou Berichter fir e Wäert, wa keng konkret Konsequenzen doropshin erfollegen?! Den UNESCO-Projet „Man and Biosphere MINETTE“ beispillsweis ass geneemegt ginn a mat vill Applaus begréisst ginn. Heiranner gëtt awer d'Zerstéierung vun der Naturschutzzone duerch de Projet Contournement ënnert den Teppich gekiert.

Moosnamen fir de Verkéier ze berouegen an de Kär vun Käerjeng ze entlaaschten sinn ugekënnegt, ginn awer nach ëmmer net ëmgesat. Parallel dozou lafen d'Viraarbechten zum Bau vum Contournement (Ofsenkung vum CR110), wou de Bauafank fir de Mäerz 2021 ugekënnegt gouf, op Héichtouren. Des Aarbechte goufe kënstlech vum eigentleche Projet getrennt, an der Hoffnung scho kënnen unzufänken während eis Recoursen géint de Contournement-Projet viru Geriicht lafe wäerten. Zesumme mam Mouvement Ecologique Régionale-Sud, der Natur&Ëmwelt Gemeng Suessem an YOUTH FOR CLIMATE hu mir e **Moratoire** gefuerdert. Firwat net ofwaarden bis déi verkéiersberouegend Moosnamen hier Resultater bréngen? Firwat de Contournement, deen no Aussoen vum Transport- an Infrastrukturminister keng Léisung vum Verkéiersproblem duerstellt, elo awer duerchzéien?

D'Widderspréch heefen sech – fir d'éischt sinn et déi héich NOX-Wärter, als „raison impérative d'intérêt public majeur“ – an elo, wou se substantiell erof gaange sinn, a nogewisen ass, dass se ni esou héich lungen wéi an der Chamber deklaréiert – elo spillen se keng Roll méi?

Sinn eis demokratesch Instanzen nach glafwierdeg? Wat soll déi Duebelstrategie vun eiser Regierung? Ass dat de „New Green Deal“? Mir nennen dat ganz kloer eng „Aewescherei“ oder „Greenwashing“! Am Süden gëtt et net vill Bësch. Dat huet historiesch Ursaachen. Ma grad dofir géllt et haut „ohne wenn und aber“ déi puer Gréngzonen déi et hei nach gëtt, duebel an dräifach ze schützen.

Dofir ruffe mer all Biergerin a Bierger op: Sief Deel vum Protest – hëllef eis de Projet ze kippen – hëllef eis d'Naturazone ze retten an fir déi kommend Generatiounen z'erhalen!

Et gëtt e laange Kampf, mir mussen all juristesche Mëttelen notzen – si wëllen de Projet mordicus duerchsetzen, ma mir hunn d'Argumenter a mir hunn d'Recht op eiser Säit. Hëllef eis och déi finanziell Mëttelen ze hunn fir bis zum Schluss duerchzehalen.

Sief Deel vum Protest! Ënnerstëtz eis mat engem DON, géff och Giedel oder Pätter vun engem Bam (25€) oder ënnerstëtz eis aktiv an engagéier dech!

www.bigslu.net big@pt.lu

Collecte de fonds
pour financer le RECOURS
pour la préservation de la
ZONE NATURA 2000
Zäemberësch/Bobësch



CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000